

Evangelium vum 4. Faaschtesonndeg C

Lk 15, 1-3.11-32

KONTEXT

D'Evangelium vun dësem 4. Faaschtesonndeg C ass wuël ee vun deene vill kommentéiertsten Texter aus den Evangelien. Mer liesen dëst Gläichnes just nëmme beim Lk ; et kënnt no zwéin anere Gläichnesser (Lk 15, 3-7 ; 8-10) a virun engem véierten (Lk 16, 1ff). Besonnesch fir déi dräi éischt dervu gëlt d'Aféierung vun de Vv. 1-2.

An den Evangelie liese mer vill Gläichnesser, déi de Jesus verzielt. Ma, et gëtt kee Gläichnes, dat ee vun den Apostele soll verzielt hunn ! – Et war also kloer fir déi éischt Chrëschten, datt « Gläichnesser-verzielen » eng Charakteristik war vum Jesus senger Verkënnung. (Och aner juddesch Léiermeeschteren, griichesch a réimesch Schrëftsteller hu Gläichnesser gebraucht, awer keen an deem Mooss wéi de Rabbi vun Nazareth.) Et ass och ni vun iergend engem kontestéiert ginn, datt de Jesus d'Leit a Gläichnesser geléiert huet ; an anere Wieder : mat de Gläichnesser ass, historesch gesinn, d'Chance grouss ganz no bis un dem Jesus seng Verkënnung erunzekommen.

Et gëtt vill verschidden Interpretatioune vun dësem Gläichnes, déi och dervun ofhänken, wéi een d'Plaz vun dëse Vv. 11-32 an der Reienfolleg mat deenen anere Gläichnesser vu Lk 15-16 liest (z. B. dat wat verluer ass an erëmfonnt gëtt, gëtt vu Gläichnes zu Gläichnes méi wäertvoll). Et ginn och ënnerschiddlech Titelen derfir, deemno wiem een d'Haaptroll gëtt : dem « verlorenen Sohn/fils prodigue », dem baarmhärzege Papp, oder esouguer deem zweete Jong.

Hei hu mer also erëm e gutt Beispill dofir, wéi en Titel d'Lektür vun engem (Bibel-)Text vu vireran orientéiere kann.

TEXT

D'Steierandreiwer an d'Sënner sinn alleguer bei hien/de Jesus (am liturgeschen Text) komm, fir him nozelauschten (V. 1) :

Tselwescht wéi schonn a Lk 5, 30 ; 7, 34 ginn **d'Steierandreiwer an d'Sënner** an engem Otemzuch genannt. Doduerch datt d'Steierandreiwer Collaborateure waren, also Kontakt hate mat onrénge Leit an onrénge Suen, waren si de facto « Sënner », also ausgeschloss aus dem reliéisen, d.h. och automatesch aus dem zivile Liewen an der juddescher Gesellschaft. – De Lk insistéiert hei, datt allméiglech Zorte Sënner sech déplacéiert an sech getraut hunn, bei de Jesus **ze kommen**, an net nëmme e puer, mee, **alleguer** sinn se komm, net fir ze afen, mee, **fir him nozelauschten**. – Mer spieren, datt de Lk hei wëlt « en Nol aklappen », fir et emol esou ze soen.

Dunn hunn d'Pharisäer an och d'Schrëftgeléiert gegrommelt a soten ... (V. 2) :

D'Schrëftgeléiert ware meeschtens **Pharisäer** (awer net all Pharisäer war och Schrëftgeléiert). – Schonn aus dem **V. 1** wësse mer, datt de Lk hei op eppes insistéiere wëlt, wat him ganz wichteg ass : datt de Jesus sech grad de Sënner, den Ausgestoussenen hirer ugeholl huet. Doduerch léisst de Lk d'Pharisäer an d'Schrëftgeléiert dann och nach de Combel feststellen, nämlech, datt de Jesus

esouguer mat hinnen ësst (cf. Lk 5, 29f). – D’Fronte sinn opgestallt, an si kréien elo, wéi de **V. 3** eis seet, **dëst Gläichnes verzielt** (aus deem der da méi ginn, cf. Vv. 8.11 ; 16, 1).

E Mann hat zwéi Jongen (V. 11) :

Eist Gläichnes ass eigentlech an zwee gedeelt, d’Vv. 11-24. 25-32, an et ass d’Figur vum Papp, déi de Lien mécht tëscht deenen zwéin Episoden.

Dee jéngste vun hinne sot zum Papp : ... (V. 12):

Vläicht schockéiert eis dës Fuerderung vun deem **Jéngsten**, mee, esou eng Ufro war duerchaus méiglech, net nëmme vun deem Eelsten (cf. Sir 33, 20-24) ; dem Papp seng (vum Lk onkommentéiert) Reaktioun ass erstaunlech (**V. 12c**). – Iergendwéi fänkt een direkt un ze spieren, datt mer et hei mat engem aussergewöhnleche Papp ze dinn hunn (an dat soll och esou sinn : op déi Manéier gëtt d’Opmierksamkeet vun den Nolauschterer/Lieser oprecht gehalen, an et versteet een, datt d’Erzielung iwwert sech erausweist).

Et huet net laang gedauert, dunn huet dee jéngste Jong ... (V. 13):

Och hei spuert de Lk mat Detailer ; hien seet eis just e Résumé, dee wichteg fir eis ze wëssen ass, fir datt mer hannenoter d’Pointë vum Gläichnes verstoe kënnen. (E puer Detailer iwwert deem Jéngste säi Liewen am Volle kréie mer vum Eelsten, **V. 30** ; mee, hei misst een da froen, wouhir de Brudder dës Detailer wësse wëlt...)

Wéi hien alles dropgekéiert hat, ass an deem Land ... ma et huet keen him se ginn (Vv. 14-16) :

Séier ass dee jéngste Jong ganz ënnen ukomm : a senger Nout léisst hien sech esou wäit erof, onréng Déieren, **Schwäin ze hidden**. – Froen, wéi « kënnt et dann, no deem, wat hie gestëpft huet, nach drop un, ier déi Déieren onréng sinn ? » oder, « firwat huet hien sech net einfach Scheeke geholl an se giess ? » oder och nach « firwat huet hien iwwerhaupt seng Deel gefrot ? » si Froen, déi eis kommen, wa mer den Text Vers fir Vers liesen. Et ka virkommen, datt mer un esou engem Detail hänke bleiwen, mee, Gläichnesser liewen engersäits vun hirer vermeintlecher Einfachheet (et gëtt näischt gesot, wat net fir d’Conclusioun wichteg wier) – si sollte jo gutt nozelauschteren an ze verhalen sinn – an anerersäits vun deenen Elementer, déi eis ongewinnt sinn, ausser der Rei (z. B. hei de Papp, deen ouni Weideres op sengem Jéngste seng Fuerderung ageet, oder en anert Beispill : a Mt 20, de Besëtzer vum Wéngert, deen nach spéit nomëttes Doléiner dangt). - An de Gläichnesser gëtt de Fuedem gespaant, an d’Pointe, op déi all Elementer aus der Erzielung hinzilen, ass de Schluss ! (Dat wier an eisem Gläichnes hei d’Gespréich tëscht dem Papp an dem Eelsten iwwert dee Jéngsten !)

Dunn ass hien an sech gang a sot ... (Vv. 17-20a. 21) :

Am Lk senge Gläichnesser kënnen mer méi dacks de Personagen hir Iwwerleeungen a Gefiller an engem Monolog liesen (cf. z. B. Lk 16, 3 ; 18, 4 ; 20, 13) ; op déi Manéier kann den Nolauschterer sech an si era versetzen. – Mee, och hei : de Lk

seet kuerz a bündeg, wat am Jong virgeet. – Fir eis heescht dat : mer sinn nach net bei der Pointe, ma just ënnerwee dohinner.

Géint den Himmel gesënnegt (V. 18)

= géint Gott gesënnegt. Mee, et gëtt net präziséiert duerch wat hie méngt, datt hien sech versënnegt hätt.

... ech sinn et net méi wäert ... Behandel mech wéi ee vun dengen Doléiner (V. 19) :

Dat Normaalt an deem Fall hei wier wahrscheinlech gewierscht, datt dem Papp seng Dier fir esou ee Jong zou gewierscht an zou bliwwe wier.

Wéi hien nach wäit ewech war, huet de Papp hie gesinn, an et huet him am Häerz wéi gedoen ... (V. 20):

Mer kréien net gesot, wat de Papp an der Tëschenzäit alles gemeet huet (huet hie gewaart, huet hie gesicht, ... ?) ; wichteg fir d'Gläichnes ass seng Reaktioun, wéi hien de Jong komme gesäit - an déi Reaktioun kréie mer dofir dann och méi detailléiert beschriwwen. – Tselwescht wéi dem Samariter, deet et dem Papp **am Häerz wéi** ; mär géife soen « et ass un hie gaangen », « et ass him un d'Träipe gaangen » ; et ass dat, wat am allgeméngen « baarmhärzeg sinn » genannt gëtt. – Mee, wat huet him am Häerz wéi gedoen ? De Jong war jo nach wäit ewech. – Op jiddfer Fall ass d'Erëmgessinn iwwerschwenglech, vum Papp senger Säit, dee sengem Jong direkt verzeit (= hie **kësst**, cf. 2Sam 14, 33). (Elo lauschteren d'Leit erëm, well deem Papp hei säi Behuelen ass, tselwescht wéi um Ufank vum Gläichnes, ganz aussergewéinlech !).

De Papp awer sot zu senger Kniecht : 'Bréngt séier dat houbeschte Kleed erbäi ... (V. 22) :

E Rénk ass d 'Zeeche fir eng bestëmmten Autoritéit (cf. z. B. Gen 41, 42 ; Esther 8, 10 wou Rieds ass vun engem Sigelrénk) ; d'**Sandale** stoungen engem fräie Mënsch zou (net awer engem Sklav). – An da gëtt gefeiert (**V. 23**) ; weder wien invitéiert ass (just d'Famill, just d'Kniecht ?) nach dem Jong seng Reaktioun gi verzielt.

... well mäi Jong hei war dout, an hie liewt nees ; hie war verluer ... (V. 24) :

Dëse Saz gräift de Refrain op aus deenen zwee Gläichnesser virdrun (**Vv. 6. 9**) ; eigentlech kéint d'Gläichnes hei eriwwer sinn. – An elo kënnt deen eelste Jong an d'Spill (**V. 25a**). (– An de Gläichnesser huet een ni méi wéi Personnagen/Gruppe gläichzäiteg, déi matenee schwätzen oder eppes maachen. Op déi Manéier huet een ëmmer zwee Polen, déi sech géigeniwwer stinn (d'Haus um Sand/d'Haus um Fiels, déi fënnel lous Meedercher/déi fënnel onverstänneg, e Pharisäer/e Steierandreiwer, asw.) ; wa méi Polen sech begéinen, dann der Rei no. Heiandsdo hu mer dat classescht Dräiecksbild, wéi am Theater, z. B. déi 10 Meedercher waarden op de Bräitchemann, deen a Verspéidung ass oder, déi zwéin, déi en Haus gebaut hu si konfrontéiert mat dem Stuerm, déi zwee Jongen aus eisem Gläichnes an hire Papp, asw.

Deen eelste Jong awer war um Feld. Wéi hien heemkomm ass a méi no beim Haus war, ... (Vv. 25-27) :

Wéi et schéngt huet keen et der Méi wäert fonnt, dem Jong um Feld Bescheed ze soen. - Vlächcht ass dat och dier Detailer een, dee fir de Fortgank vun dem Gläichnes net weider wichteg ass. – De Papp ass net einfach frou, well säi Jong erëmkomm ass, mee, well hien **hie gesond erëmkritt huet (V. 27).**

Dunn ass de Jong rose ginn a wollt net eragoen.... Hien awer huet dem Papp geäntwert :’... Wéi awer däi Jong do komm ass, deen däi Verméige mat Strossemeecher verjuppt huet ...’ (Vv. 28a.29a.30) :

Dës (verständlech) Reaktioun vun deem Eelsten erënnert ganz vill un de Pharisäer hir ganz um Ufank vum Lk 15 (**V. 2**) ! – Hien nennt säi Brudder « **däi Jong do** ». An dat ass bestëmmt keen Zoufall...

‘Kuck esou vill Joer déngen ech dir elo schonn, an nach ni hunn ech e Gebot vun där iwwertratt. Ma, mir hues du nach ni ... (V. 29b-e) :

An dëse Wieder spiggelt sech eng bestëmmten Enttäuschung, e bestëmmte Frust, deen erausspruddelt wéi de Papp op hien duerkënnt (**V. 28bc**). - A wat nach opfällt : dee Jéngste ried de Papp ëmmer erëm mat « Papp » un, deen Eelsten net. – Déi Saachen, déi deen Eelsten dem Papp un de Kapp geheit, kéinten dat erëmspiggelen, wat een ëmt d’Anhale vum Gesetz bestriewte Pharisäer geduecht huet, wann de Jesus sech de Sënner hirer ugeholl huet an esouguer mat hinne giess huet !

- Wa mer éierlech sinn, musse mer vlächcht agestoen, datt mer deem eelste Jong net onrecht ginn a sengem lenger an a senger Enttäuschung. Et geet schliisslech hei och ëmt ee bestëmmtend Verständnis vu Gerechtegkeet. – D’Behuele vun dem Papp aus dësem Gläichnes ass aussergewéinlech, et ass schonn e puer Mol opgefall (**cf. Vv. 12.20ff**) ; d’Nolauschterer/d’Lieser deemools hunn och séier verstanen, datt mat deem Papp hei am Gläichnes eigentlech Gott geméngt ass. An d’Fro, déi wéi deet no dësem Gläichnes (ähnlech wéi z. B. no Mt 20) ass : wéi wäit ass dat mëschlecht Verständnis vu Gerechtegkeet ewech vun dem Herrgott sengem ? A wou mär vu Gerechtegkeet wëlle schwätzen, äntwert Gott do net mat Guttheet ? - Fir de Jesus ass et typesch Gott an de Mëttelpunkt ze stellen. Mee, mer missten eis awer och froen : A verdroe mär iwwerhaapt esou vill Guttheet ? Wie si mer ? Dee Jéngsten oder deen Eelsten ? Wéi wie behuele mer eis ? Wéi wien dénke mer ? An : wéi ass et mat Abusën ? Sinn net elo Leit verleed vun esou vill Guttheet profitéieren ze wëllen ? – Wahrscheinlech gouf et déi Fro schonn deemools, well op anere Plazen an den Evangelien, gëtt eis Gott als strenge Papp, Riichter asw, beschriwwen : all dës Ëmschreibungen a Beschreibungen ergänze sech.

Ma de Papp sot zu him :’Kand, du bass déi ganzen Zäit bei mir, an alles ... (V. 31) :

Et schéngt wéi wann deen Eelsten (ugeried mat « **Kand** ») iwwert sengem ganze Bestriewe vergiess hätt sech driwwer ze freeë beim Papp sinn ze kënnen, sinn ze dierfen.

Ma elo huet een dach misse frou sinn an sech freeën, well däi Brudder hei war dout ... (V. 32) :

De Papp rechtfertegt sech ! Hie versicht sech sengem eelste Jong z'erklären. Dobäi nennt hien dee Jéngsten **däi Brudder hei** (cf. V. 30). An de Refrain vun de **Vv. 6. 9. 24** gëtt erëm opgegraff a mécht de Lien mat de Pharisäer aus dem **V. 2.** – Et gëtt awer net gesot, ier si sech ugesprach gefillt hunn a wéi si reagéiert hunn.

(Fränz Biver-Pettinger)